Rabais an der Belsch

Och dëst Joer wore mir den Dag no eiser Generalversammlung op Rabais an d´Belsch gefuer fir zesumme mat eisem President, de Jeek, de „Dag vum President“ beim Waasser ze verbréngen. Et wore gutt zwanzeg Memberen ugetruede fir deem fiichte kale Wieder mat engem äisege Wand, d´Stir ze biden.

Wei mir ukomm sinn hunn mir fir d´éischt eemol mat Staune misse feststellen dass de Weier zu Rabais ganz gebotzt gi wor, de gréissten Deel vun den Algen um Fong vum Weier wor eraus gebotzt ginn. Dat huet mat sech bruecht dass d´Waasser elo ganz kloer ass mee dat huet d´Fësch awer nach méi virsiichteg gemeet wei se schonn op dëser Plaz woren. Och wor am viichten Deel vum Weier net vill Forellen ze gesi mee dofir hunn mir awer ee ganze Koup kléng Hiechte

gesinn an och Pige woren a grousser Unzuel unzetreffen. Mir hunn eis dann och schwéier gedoen an deem Deel vum Séi Fësch ze fänken. Ee puer Memberen hunn awer direkt an deem Deel vum Weier wou d'Waasser déif ass ugefaange a Sie konnten och vill schéi Fësch fänken. Den Änder huet heibäi wei ëmmer op säi Streamer gebaut deem mir och den Numm Änder ginn hunn, den Eugéne huet seng Fësch mat engem schwaarze Keefer gefaangen an de Marc hat sech der déchener Méck verschriwwen. Déi meeschte Fësch huet awer de Roger gefaangen, Hien ass ee Spezialist vun der Nimphe a vue an dat wor dann och Haut déi Method fir mat der Méck ze fëschen déi dee gréisste Succès hat.

De Roger ass net nëmme Spezialist vun der Nimphe a vue, nee Hien ass och ee gudde Léiermeeschter, den Albert hat Hien gefrot fir Him ze weise wei dat géif goe fir op Siicht mat den Nymph ze fëschen an de Roger huet sech net laang fléiwe gelooss esou dass den Albert elo eng Variante méi vum Méckenfësche kennt déi Hien nawell ganz spannend

fënnt an déi Him als fervente Fëscher mat der dréchener Méck méi zouseet wei d'Fësche mam Streamer. Dat ass och eng vun de sympatheschste Säiten an onserem Club, bei ons geet et net dreems fir méiglechst vill Fësch ze fänke villméi wëlle mir mateneen een Dag an der Natur beim Waasser genéissen an do gehéiert méi dozou wei nëmme wëlle vill Fësch ze fänken. Dat praktizéiere mir dann och genee esou an dofir tausche mir dann och bereetwëlleg eemol Mécken ënnerteneen aus oder ginn Hëllefsstellunge wann mir gesinn dass de Fëscherkolleg sech schwéier deet. Dëst ass besonnesch hëllefräich fir Ufänger deene mir dann och gäre mat Rot an Dot zur Säit stinn.

Wei ech bei de Bob komm sinn hunn ech net schlecht gestaunt wei ech gesinn hunn dass Hien am Gaange wor mat der Zweehandrut ze fëschen, Hien hat Doheem dräi Tuben angepackt mee wei Hien zu Rabais ukomm ass huet Hien

awer misse feststellen dass nëmmen an engem Tube eppes dra wor an dat wor dunn och nach seng Zweehandrut mat deier Hien ëmmer am Irland de Saumonen no stellt. Mee och Hien huet dat Beschten draus gemeet an huet dunn alt ee bësse mat deier Staang gefëscht.

An dunn wor et erëm esou wäit lues a lues hunn d´Fëscher sech Een nom Aneren aus dem Stepps gemeet a wou hunn mir se erëm ugetraff, natierlech beim Aperitif, de Jeek wor nämlech bäi gefuer mam Schampes am Gepäck an éiert dësen eng Chance hat fir waarm ze gi sinn och schonn d´Stëpp doruechter geflunn an d´Stëmmung ass lues a lues besser ginn, zemools wou och de Raym schonn am Gaange wor d´Zopp ze kachen. Seng Zopp hat erëm volle Succès an huet wei ëmmer no méi geschmaacht. Nëmmen sou léisst sech erklären dass verschidde Fëscher wei de Christian akasséiere komm ass schonn nëmme méi een hallwen Dag geholl hunn, sou konnte Sie sech ganz op dat Wesentlech konzentréiere wëll schliisslech hat de Jeek jo och nach Kaffi an Taarte matbruecht.

Och dëst Joer wor Rabais erëm absolut eng Sortie wäert, hunn mir eis am Ufank och schwéier gedoe Fësch ze fänken, esou huet dunn awer mat Hëllef vun de Fëscherkollege Jiddereen seng Fësch gefaangen. Vum Wieder hir si mir zwar net verwinnt gi mee dat si mir och guer net aneschters zu Rabais gewinnt. Mir hunn trotzdem eist Zesummesinn a vollen Zich genoss an no deem äisegem Wand ass et eis mat Hëllef vum Raym senger Zopp erëm séier waarm bis an déi déck Zéif ginn. Och eise President huet sech wei ëmmer net huele gelooss, esou kann et weider goen.